adr.
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
27 MARS 2014
180

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Mäerz 2014

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Wei haut bekannt gouf, monéiert d'Ligue des droits de l'homme, datt d'Gesetz iwwert de Casier judiciaire Lëtzebuerger Bierger vis-a-vis vun auslännesche Matbierger diskriminéiert.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Justizminister dës Froe stellen:

Stëmmt et, datt bei eis am Géigesaz zu allen aneren EU-Länner och Kondamnatioune vu Lëtzebuerger am Ausland an hire Casier ageschriwwe ginn?

Wat gëtt alles ageschriwwen a firwat ginn zu Lëtzebuerg och méi harmlos Infraktiounen, z.B. Verkéiersdelikte, ageschriwwen?

Huet d'Ligue des droits de l'homme Recht, datt effektiv Lëtzebuerger par rapport zu Auslänner, déi hei wunnen, diskriminéiert ginn a wat gedenkt dir géint déi Diskriminatioun ze ënnerhuelen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten